JANUAR 2016

GRÉNG NEWS

DÉI GRÉNG SUESSEM

déi gréng

> VILL ASAZ FIR E GUTT KLIMA!

> WELTKLIMAKONFERENZ : INTERVIEW MAM CAROLE DIESCHBOURG, ËMWELTMINISTESCH

> ABSCHIED NACH 18 JAHREN GEMEINDEPOLITIK

CETTE PUBLICATION EN FRANÇAIS SUR WWW.DEIGRENGSUESSEM.LU

ALLES GUTTS FIR DAT NEIT JOER!

EDITORIAL

VILL ASAZ FIR E GUTT KLIMA!



D' Myriam Cecchetti, Schäffin, mam Europadéputéierten Claude Turmes an de Gemengeconseilleren Alain Cornély a Chantal Faber-Huberty

De Klimawandel geet eis all eppes un. Am Virfeld vun der Weltklimakonferenz haten d'Bierger a Biergerinne vu Suessem d'Méiglechkeet sech am Kader vun den Ëmweltwochen zum Thema „Klimaschutz an eiser Gemeng" ze informéieren. déi gréng si frou zu sou engen Initiativen an der Gemeng kënne bäizedroen a freeë sech op déi flott Projeten déi 2016 um Programm stinn.

Déi nei Erausfuerderunge ginn déi gréng mat enger neier Besetzung un. No 18 Joer am Gemengerot trëtt d'Dagmar Reuter-Angelsberg vu sengem Mandat zeréck. Mir soen him Merci fir säin onermiddlechen a kompetenten Asaz fir déi gréng a fir eis Gemeng. D'Chantal Faber-Huberty gouf am September als neie grénge Gemengerot vereedegt a mir wënschen him vill Courage an Erfolleg a senger neier Missioun.

Op internationalem Niveau, léisst den Accord deen zu Paräis op der Weltklimakonferenz fonnt gouf eis an dësem Beräich positiv an d'Zukunft kucken. D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg resuméiert d'Klimakonferenz aus hirer Siicht.

Mir wënschen all de Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng alles Gutts fir dat neit Joer!

déi gréng Suessem

WELTKLIMAKONFERENZ: E SCHRATT NO VIR FIR D'KLIMA

INTERVIEW MAM CAROLE DIESCHBOURG, ËMWELTMINISTESCH

Als Ëmweltministesch vun der lëtzebuerger EU Presidence, huet d'Carole Dieschbourg un der Weltklimakonferenz zu Paräis vum 30.11 bis den 12.12.2015 deelgeholl an eng wichteg Roll an der Koordinatioun vun den EU Staaten a bei der Ausaarbechtung vun engem nohaltegen Accord konnte spillen.

War d'Konferenz en Erfolleg?

D'Klimakonferenz zu Paräis war een Erfolleg fir de Klima, dee mer dringend gebraucht hunn. Si huet zum éischten universellen a verbindlechen Ofkommes gefouert, dat elo ëmgesat muss ginn. Den Accord, och wann e net perfekt ass, ass eng zolitt Grondlag, déi et eis erméiglecht, den Iwwergang zu enger neier Form vun der Wirtschaft an vum Zesummeliewe méi séier ze realiséieren. Den Accord vu Paräis ass deemno eng gutt Basis a mécht Hoffnung.

Wat gëtt mat dësem Accord erreecht?

Eent vun de wichtegsten Elementer vum Text ass dat laangfristegt Zil, d'Äerderwäermung däitlech ënner 2° Celsius, also éischter mat Bléck op 1,5°C géigeniwwer vum vir-industrielle Niveau, ze halen. Elementar wichteg ass och déi regelméisseg transparent Kontroll vun der Zilsetzung op deen sech d'COP gëeenegt huet, an déi et eis all 5 Joer erméigleche wäert fir d'Ziler jee no Méiglechkeet an Noutwennegkeet eropzesetzen. Net zulescht ass och d'Engagement fir d'Entwécklungslänner, deenen ab 2020 ee Betrag vun 100 Milliarden Dollar garantéiert gouf, immens wichteg.

Wéi eng Roll huet Lëtzebuerg zu Paräis gespillt?

D'Aarbecht vun eisem flotten an dynamesche lëtzebuerger Presidence-Team war ustrengend a komplex, mee wéi mir gesinn, ganz wichteg an och erfollegräich. Et war natierlech och eng immens flott perséinlech Erfahrung. Mir konnte Lëtzebuerg hei eng wierklech positiv international Visibilitéit schafen, speziell och am Klimaberäich.

Mir hunn et bis de leschte Moment fäerdeg bruecht déi 28 EU-Memberlänner efficace ze koordinéieren an – op gutt Lëtzebuergesch - d'Scheewercher beieneen ze halen, wat net ëmmer sou einfach war. A well mer esou garantéiert kruten, datt d'EU Länner all op der selwechter Linn bliwwe sinn, konnte mir als EU wesentlech méi Drock op aner Länner ausübe fir en ambitiéisen Accord op d'Schinnen ze bréngen.

Wien huet zu dësem Succès bäigedroen?

Et ass virun allem och e Succès vun der massiv a weltwäit mobiliséierter Zivilgesellschaft, den ONGen an de Millioune Leit, déi bei Aktiounen a Petitioune matgemaach hunn. D'Opbrochstëmmung, déi elo souwuel an der Politik, wéi och an der Gesellschaft spierbar ass, weist, dass de Wëllen do ass, fir eise Planéit ze retten.

Wat sinn déi nächst Schrëtt?

Den nächste wichtege Schratt ass elo, datt op mannst 55 Länner, mat op mannst 55% vun de weltwäiten CO2

Emissiounen, den Accord ratifizéiere fir datt e formal a Kraaft trett.

Mir mussen elo sou séier wéi méiglech op erneierbar Energien ëmsteigen, an d'Enn vun de fossille Brennstoffer besigelen. D'technologesch Léisungen hu mer schonn, mir mussen se just iwwerall op der Welt asetzen. An dat elo och ëmmer méi d'Wirtschaft ufänkt ëmzesteieren - notamment beim „Divestment" - mécht Hoffnung.

Jidfereen kann och am Alldag d'Klima schützen, andeems en op eng aner Mobilitéit setzt oder wann e keng Alternativ huet, e méi spuersamen Auto fiert (www.oekotopten.lu bidd do Infoen), seng Heizung regelméisseg kontrolléire léisst oder méi op regional Produkter setzt.

Carole Dieschbourg op der Weltklimakonferenz zu Paräis

Claude Turmes mam Myriam Cecchetti

Klimahelden am Alldag

Fir eist Klima ze retten ass net just d'Politik gefrot, mä och d'Biergerinnen a Bierger. Jidderee kann eppes maachen an ëmmer méi Leit maachen eppes! Op der Sich no dëse Klimahelde war ech am Land ënnerwee an hunn lokal Initiative, Veräiner an Entreprisë besicht. An dësem Kader war ech dann och bei "Eis Epicerie" zu Zolwer op Besuch, wou Klima, Ëmwelt a Soziales matenee verbonne ginn. Hei gi regional a wa méiglech Bioprodukter ugebueden. D'Epicerie ass net nëmmen en Treff fir d'Leit vun Zolwer, mä se huet och besonnesch Tariffer fir Leit mat manner Akommes. D'Myriam an all déi, déi matschaffe sinn dofir definitiv Klimahelden am Alldag!

Claude Turmes

GRÉNGE WIESSEL AM SUESSEMER GEMENGEROT

DAGMAR REUTER-ANGELSBERG & CHANTAL FABER-HUBERTY

D'Dagmar Reuter-Angelsberg gëtt säi Mandat am Gemengerot of, d'Chantal Faber-Huberty réckelt no.

Abschied nach 18 Jahren Gemeindepolitik

Mit 60 kann man auch als Politikerin in Rente gehen. Der Blick zurück lohnt sich: Ich habe die Jahre im Dienste der Gemeinde intensiv erlebt. Es waren Jahre mit vielen Höhen und wenigen Tiefen, in denen ich viel gelernt habe und mit interessanten Leuten zu tun hatte.

Ich richte einen großen Dank an all die Kolleginnen und Kollegen aus den jeweiligen Schöffen- und Gemeinderäten, die Gemeindeangestellten und alle Bürgerinnen und Bürgern, die mir ihr Vertrauen geschenkt haben.

Zusammen mit Robert Rings habe ich mich auch sehr darüber gefreut, wie déi gréng sich in unserer Gemeinde entwickelt haben. Besonders die Jahre der Aufbauzeit bleiben mir in bester Erinnerung. Die Unterstützung meiner grünen Parteifreunde war immer sehr wichtig für meine politische Arbeit.

Meiner geschätzten Nachfolgerin Chantal Faber-Huberty wünsche ich viel Erfolg in ihrer neuen Aufgabe. Ich bin überzeugt davon, dass auch sie sich voll für grüne Ideen bei der Gemeinde einsetzen wird. Es ist ein angenehmes Gefühl zu sehen, dass die eigenen Arbeitsansätze in guten Händen ihre Fortsetzung finden.

Dagmar Reuter-Angelsberg

Nei am Gemengerot: Chantal Faber-Huberty

Wéi bass du zur Politik komm ?
Mäin éischte Kontakt mat der Gemengepolitik hat ech als Elterevertriederin vun Éilereng an der Schoulkommissioun (2007-2012). Zanter 2009 Member bei déi gréng, hunn ech 2010 decidéiert mech politesch méi aktiv ze engagéieren, an hunn nieft der Schoulkommissioun och an de Kommissioune fir den 3. Alter a Chancegläichheet matgeschafft.

Am Oktober d'lescht Joer bass du fir d'Dagmar Reuter-Angelsberg an de Gemengerot nogeréckelt. Wat sinn deng besonnesch Zieler ?

Ech wäert probéieren ëmmer een oppent Ouer fir all eis Bierger ze hunn, virun allem bei folgende Froen:

- wéi wëlle mer an eiser Gemeng wunnen ?
- wéi wëlle mer an eiser Gemeng schaffen ?
- wéi wëlle mer an eiser Gemeng eis Fräizäit gestalten ?
- wéi ass d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng ?

dat Ganzt natierlech am Sënn vun enger ökologescher an nohalteger Politik.

Als Mamm an Infirmière wëll ech mech besonnesch am soziale Beräich fir eis Kanner a Jugendlech, d'Leit vum 3. Alter an d'Leit deenen et nët esou gutt geet asetzen. Dobäi wäert ech manner meng lelebéi, dofir méi mäin Häerz a mäi Verstand asetze fir eppes ze erreechen.

Chantal Faber-Huberty : Steckbréif
Formatioun: diploméiert Infirmière
Perséinlech Infoen: 56 Joer, bestued ; Mamm vu 4 Kanner
Interessien: Natur, Ëmwelt, Erzéihung a Gesondheet
Adress: Éilereng

Zanter bal engem Joer bass du och Presidentin vun der Chancegläichheetskommissioun. Wat bedeit Chancegläichheet fir dech ?

Chancegläichheet ass net nëmmen d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer.

Chancegläichheet bedeit, datt jidfereen onofhängeg vu senger Hierkonft a senger Relioun, sengem Geschlecht a sengem Alter, senger Gesondheet a senger Bildung d'Méiglechkeet soll hunn fir säi Liewen ënnert de beschtméiglechen Ëmstänn a Fräiheet, Fridden an Dignitéit ze liewen.

An dëser Zäit, an där d'Solidaritéit ëmmer méi verschwënnt, obwuel se ëmmer erëm méi wichteg sollt ginn, wäert ech mech dofir asetzen dat all d'Bierger vun eiser Gemeng mateneen an net nieftenee wunnen.

Alain Cornély an Chantal Faber-Huberty

Remise vum Label "Egalité dans ma commune"

Velosstatioun Vel'OK virun der Résidence Waassertrap (CIPA) op der Marcelle Cornette-Lentz Plaz

Numm: _____

Virnumm: _____

Adress: _____

_____

_____

☐ **Ech wëll Member gi vun déi gréng**
Je souhaite devenir membre de déi gréng

☐ **Ech wëll regelméisseg Informatiounen iwwer d'Aarbechte vun déi gréng geschéckt kréien**
Je souhaite recevoir une information régulière sur les activités de déi gréng

☐ **Ech wëll eng Dokumentatioun iwwer déi gréng geschéckt kréien**
Je souhaite recevoir une documentation sur déi gréng

☐ **Ech wëll bei der Lokalsektioun déi gréng matschaffen**
Je souhaite participer aux travaux de la section locale

déi gréng Suessem
p.a. Chantal Faber-Huberty
Escherstrooss 69
L-4380 Éilereng
deigrengsuessem@gmail.com